N°6879
Entrée le 25.10.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Gemeinsam Äntwert vum Aussen- an Europaminister Jean Asselborn, vum Wirtschaftsminister Franz Fayot a vun der Finanzministesch Yuriko Backes op d'parlamentaresch Fro no. 6879 vum 22. September 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser

EU-restriktiv Moossnamen sinn en Instrument vun der Gemeinsamer Aussen- a Sécherheetspolitik (CFSP). Si sinn präventiver Natur an hunn als Zil fir d'gemeinsam Objektiver ze förderen déi am Lissabon Vertrag festgeluecht gi sinn.

EU Sanktiounen gi vum Rot vun der Europäescher Unioun ugeholl, deen duerch Unanimitéit op Basis vun gemeinsam preparéierten Dossieren Entscheedungen hélt.

EU restriktiv Moossname sinn am Aklang mam Vëlkerrecht, souwéi mat den internationale Mënscherechtsobligatiounen.

Si sinn esou konzipéiert fir negativ Konsequenzen ze minimiséieren fir déi, déi net verantwortlech sinn fir d'Politik oder d'Handlungen, déi zu der Adoptioun vu Sanktiounen gefouert hunn. Et gëtt am Besonneschen drop Wäert geluecht fir d'Konsequenzen op déi lokal Zivilbevëlkerung oder op d'legitim Aktivitéiten, déi am oder mat deem betraffenen Land duerchgefouert ginn, ze minimiséieren.

EU Moossname sinn ausserdeem administrativer an net strofrechtlecher Natur. An deem Kontext ass ervirzehiewen dass am Kader vun den individuellen Sanktiounen Verméigen agefruer gëtt an net enteegent gëtt.

Deementspriechend sinn och d'Revendicatiounen déi kéinten op der Basis vun engem Investitiounsschutzofkommen opbruecht ginn limitéiert. Prinzipiell ass net auszeschléissen datt en Investisseur kéint géint Memberstaaten virgoen. D'Analyse vun dësen Aspekter, déi zesummen mat den EU Institutiounen an den aneren Memberstaaten diskutéiert goufen, huet e Succès vun esou Prozeduren awer als net warscheinlech ageschat. Et goufen bis ewell och keng Schuedensersatzfuerderungen géint Lëtzebuerg opbruecht, weder am Kader vun den aktuellen Sanktiounen géint Russland, nach a fréieren Sanktiounsregimer déi Lëtzebuerg iwwert déi leschte Joer ëmgesat huet.

Mir weisen den honorabelen Deputéierten ausserdeem op eis Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 6613 hin an där déi reegelméisseg Iwwerpréiwung vun den Sanktiounsregimer an d'Rechter vun de sanktionéierte Persounen an Entreprisen duergeluecht goufen. Sanktionéiert Persounen an Entreprisen hunn d'Méiglechkeet hir Observatiounen un de Rot vun der Europäescher Unioun ze schécken an d'Sanktiounen, dorënner hir Designatioun, virum Europäeschen Geriichtshaff a Fro ze stellen. Dowéinst gëtt d'Rechtssécherheet fir Investisseuren zu Lëtzebuerg och duerch dëse Sanktiounsregim net a Fro gestalt.

Wat den Image vun der Finanzplaz ugeet, esou ass et am Interessi vun den Acteuren zu Lëtzebuerg Entschlossenheet an der Adoptioun wéi och an enger effikasser Ëmsetzung vun

Sanktiounen géint Staaten a Persounen ze weisen, déi géint Wäerter vun der Unioun oder d'internationaalt Recht verstoussen. Et gëtt och drun erënnert datt d'Sanktiounen géint Russland d'Resultat sinn vun enger enker Koordinatioun um internationalen Plang mat den enkste Partneren vun der EU. Bis dato goufen 5,5 Milliarden Euro un Avoiren agefruer, wat weist, datt Lëtzebuerg säi Rôle an der Ëmsetzung vun den EU Sanktiounen spillt.

Lëtzebuerg, den 25 Oktober 2022

Den Aussen – an Europaminister

(s.) Jean Asselborn